

lo'f Comtesse Amalia hun hir Fréd un him, well hat eso' gescheit, geschéckt a fleissig ass. Ech hât geduecht him haut, um 15. Geburtstäg sei Geheimnis ze verröden. Ech kann et net. Nën, haut nach, haut nach wöll och hat ganz fir mech hun a behälén.

3. S z é n

(Sylla mat de Kanner)

SYLLA : Hei si mir, Mamma. Kuck s'all der Reih nô. Sin sie net flott creusgebotzt?

GUNDA : Ei, ei, we' schick an och we' fre'h! Mé och muss goen, wo' löschtetg Kannervollek ass, do sin ech iwerflösseg. Kanner si gär oenner Kanner (luos) Ech sin ze vill elo opgerégt, ganz secher go'f och mech verröden.

4. S z é n

SYLLA : Nu sot mir gleich: We' kommt dir dann eso' fre'h schon all zesummen, a we' och gesin, eso'guer an Uniform.

CILLY : Mir gin op d'Gröfeschluss. De' lo'f a gutt Comtesse Amalia huet jo muer Geburtstäg. Fir hir eng Fréd ze machen an hir ze gratule'eren, fe'ere mir hir dé sche'ne Reigen op, dé mir bei dir gele'ert hun.

CARMEN : Viraus wollto mir en nach émol bei dir probe'eren, well e muss dach extra scho'n a gutt geroden.

SYLLA : D'Comtesse Amalia!! Och och hun sie an d'Härz geschloss an hir schon oft vu menge Blumen ugebueden, wann sie op hirem Gank no Eichburg bei ons passe'ert ass.

GERDA : Well de' gutt Comtesse eso' le'f ass fir d'Leit vun Eichburg, duerfir hu mir eis zesumme fond fir hir och emol eng Fréd ze mâchen.

SYLLA : O erzielt, erzielt nach me' vun der Comtesse an hirer gudder Mamm, der Gräfin Blanka.

FANNY : All Dag kommen sie no Eichburg fir den Armen, Kranken, Schwächen, hiß Höllef unzobidden. Mengem kranke Bridderchen hun sie den Dokter göscht geschéckt an d'Medezinen selwer all bezuelt. Sie hun eso' guer versprach, an e puer Dég nozuckken we' d'Möttelen gewirkt hun.

RITA : An ons hun sie den Haussens fir e puer Me'nt scho virbezuelt. Am ganzen Duerf ass keng Familjon, der sie net schon an irgend enger No't hegollef hätten.

FELI : D'arm Gräfin Blanka awer ass oft so' traureg. Mei Papp dé sôt, sie hätt nach e Kand gehât, dat le'ft klengt Jutta. Ganz Eichburg hätt dat le'ft klengt Gröfkönneche gär gehât, am méschten ower de Gröf Hari an d'Gräfin Blanka selwer. "Eisen Engelchen" so' huet ganz Schluss de' le'f Comtessen nömme me' genannt, a we' et schengt, sie war wirklech eso' sche'n a fein ewe' en Engelchen an huet den Num verdängt. Kurz Zeit, ir d'Comtesse Amalia op d'Welt ko'm war Jutta spurlos verschwunden. Ké Mönch huet jé erfuehr wo' hat hiko'm trotz jôrelänger Fuerschung Well e Föcher sei weissen Hittchen aus der Eichbach erousgeföschet huet, go'f geduecht d'Kand wär ordren. Mé kémols go'f seng Leich erömfond.

SYLLA : (ste'sst e Krésch aus) De' arem Gräfin! O, dén armen Här Gröf! O le'f Comtesse Amalia.

GERDA : Doriwer duerf dach net geschwät gin. D'Gräfin Blanka wöllt net, dass elo schon de' jong Comtesse dat trauregt Lo's vun hirer élster Schwester soll erfuehren. Sie selwer dre't ganz stöll hirt Léd a schwätzt mat kengem Mönch vun dem batteren an trauregn Geschéck.

CARMEN : Mé am Härz, do dre't sie schwe'er. D'leit soen et all.

SYLLA : (huet sech gefösst) Mir wölllen der Comtesse d'Fréd vun hirem Geburtsdag net verdierwen. Nu se'er un de Reigen. Ech ruffen nach meng Mamma. Sie soll gesin we' sche' et gött. Stellt iech schon op. (riffet an d'Haus erans) Mamma!!

GUNDA : O, wat eng fro'h Gesellschaft! Da weist emol, wat dir scho fèrdeg bringt.

5. S z é n

Melodie: Freut euch des Lebens

REFRAIN: Fré dech am Liewen
Mäch dir et licht a sche'n
Da bis zum Stierwen
Ro'sen dir ble'n.

I.

Fir t'e'scht o Mönch deng Pflicht gemacht,
Ge'nt eiser Herrgott, Dag fir Dag!
Dann hues du stets doin Hierz voll Sonn
Dei Liewen huot e Wèrt.

Refrain:

II.

Dei Liewen darf och löschtég sin
Amusement a Jucks dir gin,
Dach föll dei Frédebecher stéts
Dir blo's bis un de Rand.

Refrain:

SYLLA : Nu sprangt, a macht d'Säch gut.

Kanner: O, wat eng Frédéric.

6. S z é n

GUNDA : Wien dach eso' onschölleg sech nach fréé könnt we' d'Kanner. Sie wösse, Gott sei Dank, nach neischt vu Suerg a Léd. Mé wät gesin ech?....
Tre'nen!...So' gär wär mein Sylla matgela' an d'Schlass, mé et huet sech net getraut. O tre'scht doch, du könnst bestömmt nach op deng Rechnung. Setz dech hei an de Schied a reim dir schon e Sprechelchen zesummen. An dér Zeit sichen ech dir e sche'nt a passend Geschenk, das du denger le'wer Comtesse kanns bringen.

SYLLA : We' wär et Mamma, wann ech hir bei döser Geléenhét dé sche'ne Kierfchen go'f, dén de Schlassgärtner mir geflecht huet. Sich aus dem Gärt de' sche'nste Ro'sen aus, a range'er sie am Kirfchen. De bèschte Gärtner bringt keng Corbeill fèrdeg eso' we's du.

GUNDA : Eng glänzend Idée. E sche'nert Geschenk könnte mir net fannon. Ech richte gleich deng Corbeille.

7. S z é n

SYLLA : Dat vun verluerene Gröfekand wollt mir net aus dem Kapp. Ech wöll direkt der Himmelsmamm de' Säch empfielen. Sie eleng ka Klorhét schâfen. (Kne't niddér zum Gebiet) (Iwèrdém könnt eng Zigeinerin) (Sylla biet:) Le'f Himmelsmamm! Du bass och Erdemamm. Dei le'we Jesus selwer huet dech vun Kreiz erôf dor Mönshhét iweggin zur Mamm, zur Tre'schterin a Suerg a Léd. Grad un de lèschten Tital man ech Appel, an ech empfielen Dir d'Gräfin vun Eichburg, mat hirem gro'sse Léd. Fe'er hirt verluerent Kand cröm hém, Sollt et awer, we' unzehuclen ass, wirklech an der Eichbach ömkom sin, dann tre'scht de' arem Eltern.

8. S z é n

ZIGEINERIN: Ei, ei, eso' frumm de Juffer ischt!..Muscht nit so' traureg sein muss och nit erschreck. Ech sin eng arm Zigein, eng arm Zigein. So' krank sin ech, a mitt an hongreg. Soll ech Juffer d'Zukunft liesen aus de Hand fir 5.- Frang (ergreift dem Sylla seng Hand) Da kann ech mech Bro't an Zossisswippchen kâf. Ech soen eso' Hunger,

SYLLA: Nén, nén, Meg Mamm huet/strengstens verbueden, och nömme mat Zigeinerleit ze schwätzen. Duerfir macht iech fort vun hei a vif!

Zigeinerin: Schön Juffer, nit brauch fèrt. Ech hir neischt din. Ech gleich mech eröm gon - Ech mech gär ge'f gon op Schloss- Ech mech vill Su mat Zukunft son. (Kanner ruffen)

SYLLA : O do kommen d'Kanner schon eröm. An d'Comtesse Amalia ass bei hinnen. (léft en entge'nt)

ZIGEIN : O mei, ech mech schnell verstopp.

KANNER : (Am Bösch) Vive d'Comtesse Amalia! Au revoir Sylla, bis muer.

SYLLA : Au revoir Kanner.

9. S z é n

AMALIA : O Sylla, villmols merci fir dé wonnersche'ne Reigen zu mengem Geburtsdag. Dass grad d'Kanner vun Eichburg mir en opgef'ert hun an dass grad du en zesammegesät hues, dat mecht mir extra Fréd. O villmols merci, Sylla.

SYLLA : O, wat eng E'er. Dat ass ze vill Fréd, dass d'Comtesse vun Eichburg sech würdegt perse'nlech bei mir virzespréchen. Mé dierf ech d'Comtesse bieden mat an onst Haus ze kommen. Meng Mamma wär bestömmt duerch dén he'ge Besuch ge'ort. Ech könnt och mei Geburtsdagsgeschenk offere'eren.

AMALIA : A mat plose'er, Sylla, gin ech mat. Ech hu scho lang op eng Geléenhét gowart, fir dir an denger Mamm e Besuch ze man. Scholang hätt ech mech sollt bedanken fir all de' sche' blummen de' dir mir eso' oft aus Gart a Bösch an d'Schlass geschéckt hutt. (Sylla an Amalia gin an d'Haus)

10. S z é n

ZIGEINERIN: (könnst aus hirem Versteck) Ass dat de' jong Comtesse Amalia? So' jonk a scho'n! Dat sech wär e sche'ne Vull, dén Sonja sech an d'Zelt könnt lackelen. De' abrengge ge'f vill Suen, vill Gold a Sölver. Mé dös Ke'er et net me' geng owe' bei klong Jutta. Ech hat mir hat krôpt aus Kannerwénchen, we' Zigeinerjang Zukunft golies aus Hand vu Kannermedchen - Dun ál Zigeinermamm Ruschka, o de' erzdomm Ruschka, Skrupel knot, we' sie sech sollt stierw. Sie hemlech klenkt Kand vu Schloss huet gin enger Gärtnersfra. An och d'Zigeinermadonna sie huet mat verschenkt. O, domm Ruschka, erzdomm Ruschka!- Dât feint Comtesse Amalia mir net me' entwötscht. Ech hat kre'en an Zelt an dann hat meint, dât och garante'er. Ah, pst, pst!!! Dât Herrschaft sech könnt eröm aus Haus.

11. S z é n

(Sonja lust hei ans do hannert dem Bäm craus. Amalia, Sylla, Gunda gin iwert (d'Bühn an do Bösch)

AMALIA : Nén, we' le'f. Et si mir haut zwar me' reich Geschenker iwerrécht gin, we' do Blumekierfchen, Sylla, awer ként vun allen mecht mir eso' vill Fréd.

GUNDA : Et ass och villeicht ként mat eso' vill Le'ft gespennt gin, vere'ert Comtesse. Scho wochelâng schwätzt an drémt. eist Sylla vu neischt anrem me' we' vun den Geburtsdag vun der Comtesse Amalia.

AMALIA : O merci, Sylla. Dein troit Hèrz soll all de' Fréd eröm fannen, de's du mir haut berét hues. (vorschwannen hannert de Bém)

12. S z é n

ZIGEINERIN: Sie sech fort sin. (reift sech d'Hämm) O Sonja, mach deng Sâch gutt. Mach dass du erwöschs sche' Kand vu Schloss. Ei...Gold....Sölver... vill Geld... (geseit d'Statue) O wat ech mech hei gesin? Dat sech jo ass d'Zigeinermadonna. A we' sie nömme sech könnt hir?.....grad op de' Plätz, wo' ech sie hat gestuel. Ech sie huerteg huel a lâf fort.

13. S z é n

GUNDA : (erbléckt d'Zigeinerin mat der Statue) A wât gét hei vir? A wo' kommt dir hir? A wo' hin mat dér Statue?

ZIGEIN : O arm Zigein-- arm Zigein. Gut Fra net be'ss sin. Dat soch ass d'Zigeimadonna, an och o'ni sie net ka liew. Gut Fra mir eröm gin Zigeimadonna.

GUNDA : Ah so'! da wés och wien dir sit. Ech konnen Er Mamm. Sie selwer huet mir alles agostân. Ech ruffen gleich d'Polizei, dass sie iech dingfest mecht wann dir net op der Minutt aus döser Ge'gend verschwonne sit.

ZIGEIN : O neischt vun dat Polizei! Ech mech gin- Ech mech lâf. nömme neischt vun dat Polizei. Ech mech nie me' hei weis (ôf) (Während d'Mamm d'Statu op hir Plätz stellt, dro't soch Zigeinöm, mecht eng Fauscht a sét) Haaa...Ech mech kom eröm....An dann...och mech räch....

14. S z é n

SYLLA : (stirtzt fro' eran) O Mamma, kenns du dein Sylla nach eröm? We' reich huet mech d'Comtesse Amalia beschenkt. An d'Gräfin Blanka konnt eise Blumme-kierfchen net genuch bewonneren - Ma wat gesin ech, Mamma? Du bass eso' bléech. Erziel wt ass geschitt?

GUNDA : (setzt soch hin, steipt de Kapp an d'Hänn) O Sylla, Sylla.

SYLLA : Schwätz dach, Mamm, wat ass?

GUNDA : O de' Zigeinerin!

SYLLA : O ech hat sie gesin a sie scho fortgejôt.

15. S z é n

AMALIA : (ganz opgorégt) Oem Gotteswöllen, Sylla, wat hues du gemacht? Menger Mamm hiren Diamanterenk ass fort. Kén aneren we's du war an dém Zömmer O göff e gleich eröm, soss göt et schlömm.

SYLLA : Ech hun dé Renk net. Ech hun emol de Renk am Zömmer gesin.

AMALIA : Ech bieten dech Sylla, loss mech net länger an der Angscht hei stoon. Meng Mamma muss de Renk bei mengem Geburtsdag droen. Dre't sie en net dann ass de Papp, dén hir e geschnekt huet, we' ech op d'Welt ko'm, de'f onglécklech.

GUNDA : Sylla, eso' e Renk stiolen, ass e Verbriechen. Op dât den Do't gesat ass. ..An zo'dém hues den Herrgott schwe'er belédegt. Wann de Glanz vu Gold an Diamant dech verlét huet, da geste'h dei Fehler ân. Et ass dén énzige Wé, de' Sönd eröm gutt zemân

SYLLA : (kreischt) O Mamma, häalls du mech fir schölleg? A mengem Liewen hun och nach net dat gerengst gestuel, an nach nie hun ech dech helun. Duerfir, gléf mer dach Mamma, ech si bestömt kén De'f. Ech gi gleich mat an d'Schluss, fir allen ze beweisen, dass ech onschölleg sin.

AMALIA : Jo komm, ge' mat. Wat get dât en trauregen Geburtsdag! Mang Mamma huet gomengt, och ge'f hir gleich de Renk erömbrengen (allebe'd ôf)

16. S z é n

GUNDA : O wat en trauregt Enn hölt dösen Dag! dén eso' roseg ugefângen. Ech kann emol net me' richtig denken! Fir t'e'sch d'zigeinerin. Eigentlech huet sie mir o gro'ssen Dongscht geléscht. Sie huet mir endlech den donkle Schleier gelöffet dén op dem Sylla senger Herkunft leit. Wann hei, hei d'Madonna gestuel go'f ass och vun hei dat Kand entfernt gin. Sie zwé gehe'eren zesummen, hat mir d'Zigeinermamm verröden. Also wär d'Sylla dat verschollent Grofekand. Ech hat mer gleich schon eusgeduecht och go'f hat als kostbars Geburtsdagsgeschenk an d'Schluss brengen. Wär dat eng Fréd gewiescht! Fir den Här Grof, fir d'Gräfin Blanka a fir d'Comtesse Amalia. An och ech wär a mengem Oenneren fro'h a ro'eg gin, well ömmer me' sin ech gedriwen, d'Sylla sengen Eltren erömzebringen.

GUNDA: Mat engem Schlag go'f all dât Gléck zerste'ert. E schwe'ere Verdacht leit nun um Sylla, dén net vun him geholl gött bis dé richtigem De'f bekannt ass. We' läng kann dât nach daucron. Bis dohin kann d'aromt Kand scho mat dem De't gebe'sst hun. Bestömmt onschöllegdovun sin ech iverzégt.

Du mein aromt Sylla' Fir ömmer bleiw du nun d'vermöstend Grofckand, well nie an mömmer wöll ech an desom Oemstäann dei Geheimnis opdecken. Vill lo'wer hun ech nach du stierws onschölleg, als dass du als veruecht Erbgräfin vum Schlass versto'ss'ge'fs.

O Himmelsmama, du mächtig Tro'schterin, lét alles nach zum Cudden. Breng Klorhét an de Wirrwarr, dén sech ömmer net verwéckelt.

2. A K T

A m P r i s o n g: Lenks eng Couche - e Feier an der Mött. D'Sylla a langem weisse Kléd, mat Kotten un den Hänn a Fe'ss - Niewont der Couche e Wässerkrö'.

PERSONEN: SYLLA - GUNDA - Gräfin BLANKA - ALMA (Gesellschafterin vun der Comtesse Amalia - Nuetswiechter- Richter - Scharfrichter- Sandmännchen- Schutzengel- 14 Engelen- SATAN - LIGBATTY - GRAUSELI - FRIERKREPCHE - ZWEIWELI.

1. S z é n

SYLLA : Nén, et ass kén Dräm, t'ass Wirklechkét. Mog Kette soe öir, dass ech am Prisong sin an och mei we'e Réck. Sie hu mech holl a blo geschlôen dass ech bekenne soll. Mé wât soll ech bekennen? Herrgott, du wés, dass ech onschölleg sin, du elong wés et. O moi, ech kann net me' vu Middegkét! Soll ech de' e'scht Nuecht am Prisong wuel schlofe können?

Ech soen nach mei Nuetsgebiet an da probe'eren ech emol ob ech entschlofen (Kne't nidder)

Owes wann ech schlofe gin, 14 Engle bei mir sin:

2 zu mengem Kapp, 2 zu menge Fe'ss

2 zu menger Rechten, 2 zu menger Lenken,

2 de' mech decken, 2 de' mech wecken

2 de' mech fo'eren an d'Eimmlescht Paradeis, Amen.

2. S z é n

SANDMÄNNCHEN: (singt)

- 1 -

De Sandmann zo't durch d'Welt
A witer sei Sand hifällt
Man d'Kanner zo' hir Guckelon
An d'Bett sie fest sech duckelen,
O Könnehe schlof t'ganz Nuecht
Dein Engel hält trei Wuecht
Trali, trala, trali, trala
Dein Engel hält trei Wuecht

- 2 -

Vorgiess ass Suerg a Schmierz
Wat dréckt d'arnt Kannerhierz
Am Dram spillt hat mat Engelcher
Sie mache Ringelrengelcher
Nu Könnehe sief ganz fro'h
Dein Engel sént deng Ro'h
Trali, trala, trali, trala
Dein Engel sént deng Ro'h.

- 3 -

Die Nuecht got kâl a läng
Mô Könnehe sief net hâng,
Wa sprangen hei klong Deiwelen
Fir doch din ze vorzweiwelen
Wa strong och hirt Gericht
Dein Engel sie besiegt
Trali, trala, trali, trala
Dein Engel sie besiegt.

- 4 -

Nu Könnehe schlof a Ro'h
A mach deng Guckelon zo'
Du hues e gutt Gewössen
Dât ass dât bèschte Kössen,
Wat dir der Dâg och bringt
Vu fären d'Gléck dir wonkt
Trali, trala, trali, trala
Vu fären d'Gléck dir wonkt.

3. S z é n

Deiwelsreigen Melodie: Flämmche

Flott erbei dir Jengelcher	Gesungen, gesprengen
Mat den Zauberbengelcher	Dât kräftegt eis d'Longen
Macht er Hopsa Sprengelcher	Wann e löschtetg Feier brennt
An er Deiwelsrengelcher	Satan seng bèscht Plange fönnt
Ei, dât gét owe' geschmiert	Feier, Feier, Feier, Flän
Wie gutt schmiert, dé gutt fiort.	Fierdog ass den Deiwelsplang.

SATAN : Hum och mir och do' richtiges Höllef ausgewielt?

Deiwelchen: Jo, he'go Méschter, d'Wiel ass excellent.

SATAN : Si dir berét meng Plangen auszefe'eren?

Deiwelen: Mir si berét.

SATAN : Da schwiert mir Trei!

Deiwelen: Mir schwieren.

SATAN : Nu setzt iech an de Feierschein an he'ert meng Befehler. T'e'scht hèscht et, d'Gröfeschlus vernichten, dann hu lücht Spill mir mat ganz Eichburg. An duerfir muss d'Erbgräfin Jutta, de' momentan onschölleg verklót ass am Frisong als Sylla, so'bal we' me'glech aus der Welt verschwannen. Brongt dir dât fèrdeg?

Deiwelen: Mir stellen eise Mann, a muer den Owend ass kén Sylla me'

SATAN : We' stellt dir dât un?

LIGEBATTY: Ech stöppelen d'Alma' . d'Gesellschafterin vun der Comtesse Amalia.- Ech weisen him d'Sylla als lo'we Gäscht am Schlus, als Vertrauensperso'n vun der Gräfin Blanka a bèscht Fröndin vun der Comtesse, an zo'lèscht als Erbgräfin vun Eichburg. Doduerch wísst den Neid an Hâss vun Alma ge'nt d'Sylla.

SATAN : Ah Ligebatty, du kenns deng Sâch. En Deiwelsplang! Mé virun, virun.

LIGEBATTY: Da son och him dât hei: " Du moi lo'ft Alma, wanns du elo net handels muer ass et ze spe't. D'Geléenhét ass gönschteg. Ge'h, so zum Richter du hâss de vermösste Renk am Sylla senger Hand gosin. Dât ass blo'ss eng kleng Ligen, mé sie verhölleft dir zu Glanz a verbannt d'Sylla fir e'weg vun Gröfeschlus.

Deiwelen: Dat ass eng Fâl, an déer d'Alma sech secher fänke le'sst.

SATAN : Du Grauseli, fuer an de Richter. Reiss him all Matléd aus dem Hèrz, dass hien, o'ni Zécken an Zöen d'Sylla des Do'des soll erklären.

GRAUSELI: Ah Méschter, dat ass e Rôt, dem Satan senger würdeg. Mé zo' wellechem Do'd soll hien hat verurtélen?

SATAN : De Feierkrépchen muss och seng Arbecht kre'en, duerfir zum Feierdo't.

FEIERKRÉPCHEN: Ech krauchen önnert d'Reiser a blöse mat volle Bâken, dass d'Flâme zengelen. D'Sylla wârd och zvécken, bronnen, sengen, dass him all Liewensloscht vergét.

SATAN : An dém Abléck dann, gét deng Arbecht un, Zweiweli. Dem Sylla hölls de all Mut, dass et net me' kann oennerscheden töschent gutt a schlecht An der Verzweiflung wend hat sech ge'nt Gott an all seng Helleg, do'et trotz Gebiet an Hoffnung a senger No't verlöss hun.

ZWEIWELI: Ass d'Sylla higericht, da bringen och och all de' aner zum verzweiwelen. Ech werfen on de Renk aus dem Elstornascht grad virun d'Fe'ss. Ze spe't gesin se dann hirt Onrecht ân, a sie vergin vu Reih an Angscht.

SATAN : Ech sin zefridde mat iech, Jongen. Git gleich un d'Wierk.

DEIWELLEN: (Sprangen öm d'Feier) Ei dat ka löschtég gin!(Iwerd em göt et hell. D'Deiwele fale voll Schreck, torke fort. De Schutzengel könn't.)

4. S z e n

(Hannert der Bühn göt gesongen)

D'Kand huet en hel'gen Engel,
de göt op hat gutt uecht.
Am Lag an och beim Schloßen,
Hält hie getreilech Wuecht.
An ass hat brav, dann ass hie fro'h,
Hie fe'ert et dem Himmel zo'.

5. S z é n

(Bei: an ass hat brav" kommen 14 Engelen. Wann sie am Halwekrössstin, son sie de Sprechko'er)

Mir sin de' 14 Engelen, zu dénen d'Könnche biet,
Wann hat no engem laangen Daag, Sech an sei Bettche lét
Mir 2 sti bei dem Kapp, A mir zo' senge Fe'ss,
Mir stellen eis zur rechten Hand
A mir 2 gin da lenks,
Mir decke warm et zo', Mir wecken et zur Zeit,
A mir 2 leden et frösch a fro'h
Um We zur E'wegkêt.

SCHUTZENGEL: So' huet d'Kand neischt ze fèrten,
Mir si bei him d'ganz Nuecht
A wa be's Gächter kommen
hält sei Schutzengel Wuecht.
(Iwerdém gin d'Engele fort)

6. S z é n

(Wärterin a weissem Schierteg, e Schlüsselbond, e Kro' Wasser)

WAERTERIN: Nun nach Zell 63 an da wär mein Dengscht fir haut nés
Fèrdeg. Awer an dös Zell kommen ech am le'fsten...Nén, wien
nach eso' gutt schlofe kann!! Daat eleng beweist mir schon,
dass daat arent Kand onschölleg ass. An dach muss et eso'
schrecklech leiden...We' go'f et gepengegt an zerschlo...Ech wöll
extra gutt ge'nt et sin, ewell ech gléwen u seng Onschold..Du armt
Kand, wann s'all dech verurtélen, ech man et nôt(föllt de Kro' bei
der Couche) An ech wöll dir deng lèscht Momenter am Liewen nach e
bössche sche' maan. Duerfir lossen ech gidferén an d'Zell bei dech
wien nömnen no dir frét...Schlof virun, mei le'ft Kand, un denger
Wärterin solls du eng Fröndin hun. (oof)

7. S z é n

SYLLA: (dre't sech um Lager) A wat ass dat? Wat hun ech blo's ge-
drémt? Fir t'e'scht hun ech schwarz Deiwelen gesin, de' öm
e Feier so'tzen. Sie hu geplangt mech ze vernichten. Awer le'f
Engelen hu si verdrüwen, a mei Schutzengel huet mir seng Höllef
zo'gesoot. Duerfir brauch ech och neischt ze fèrten an hun de'
bèschten Hoffnung, dass d'Saach gut ausgét. (Lét sech eröm hin zum
schlofen)

8. S z é n

(Gräfin Blanka könn't lues eran mat enger Täscheluecht)

BLANKA: Pst, pst.

SYLLA: (erfe'ert) Ass én do?

BLANKA: Ech sin et d'Gräfin Blanka. Maach lues dass kén eis he'ert
So, Sylla, kanns du mir mei Verdacht verzeihen? Ech gléwen
un Deng Onschold a maachen alles fir Dech frei ze kre'en. Och d'Com-
tesse Amalia ass Dir gutt gesönnt.

SYLLA: De' Wierder sin ewe' Balsam op meng Wonnen. Nu sin ech fro'h a ro'eg wat och komme magh Duerfir son ech Iech villmols merci fir de Besuch.

BLANKA: Ech muss elo gon, t'ass drop an drun dass den Nuetswiechter hei passe'ert. Hien duerf mech net ze gesin. Getre'scht dech, Sylla, an hief gudde Mut. (oof)

9. S z é n

SYLLA: O du gut a le'f Gräfin! (he'ert tröppelen)
Soll daat den Nuetswiechter scho sin? Hu..et ass dach grugelech an der Deischttert eso' eleng ze sin. O Herrgott ste'h mir bei.

10. S z é n

GUNDA : Ech hu keng Ro'h a keng Rascht. Ech muss mei Kand gesin et kann och kaschte, wat et wöllt. Scho Stonnelaang gin ech om de Prisong fir de Moment oofzewarden, wo' all Lich erlosch soll sin. An der deischtrer Nuecht wärt ech dach können ongesin an onbelauschtert mam Sylla schwätzen.

SYLLA : Bass du et Mamma? O wat sin ech fro'h, dech bei mir ze hun. Ech hun op dech gewart.

GUNDA : O Kand, verrot eis net. Mir könne nemmen ganz lues schwätzen well d'Mauern hun O'ren.

SYLLA : So, Mamma, gléfs du dass ech onschölleg sin?

GUNDA : Du gutt le'ft Kand. Ech hun vun Ufank u gewosst, das du kén De'f wärs. Ech wés bestömmt, dass du zu Onrecht hei am Prisong bass. Mé, wat och komme mag, bleif staark! Deng Mamm, de' bied fir dech. Bei der Madonna hun ech haut stonnelaang gekne't. Sie sént dech Sylla, ech gléwe fest, dass si e dir hölleft.

SYLLA : O merci Mamm. Och d'Gräfin Blanka war bei mir. Sie huet versprach mat der Comtesse Amalia beim Här Gros alles anzesetzen fir mech ze befreien.

GUNDA : So' lang dé richtegen De'f net font ass, Sylla, leit de Verdacht op dir, an et hält schwe'er, dech frei ze kre'en. Am Höchste Fall könnt d'Urtél gemildert gin. De' secherst Höllef ass nömmen vun eiser Herrgott ze erwarden. D'Gebiet eleng, dat bleiw eis Rettung. Mé d'Zeit réckt virun, gär oder ongär ech muss dech verlossen.

SYLLA : O merci Mama, merci fir alles wats du fir mech gemacht hues, Merci fir dén Tro'scht a schwe'rer Stonn. Villeicht gesi mir eis heinidden net me' eröm...(kreischt) Duerfir, au revoir,... Mamm...do uewen beim Herrgott...Mé trauer net ze vill om mech Mama...Ech stierwe jo onschölleg.

GUNDA : Au revoir, mein herzezt Kand! Bleiw stark!

SYLLA : (jeitzt hart a fällt op d'Kne'en) Mamm...(kreischt) Dat war de' schwe'erst Stonn...den Abschied vu menger gudder, treier Mamm.

11. S z é n

(et schle't 3 Auer)

SYLLA : 3 Auer. D'Nuetswaach le'st sech oof. Et bleiwe kaum nach 2-3 Stonnen da könnt der Daag. Wat soll den neien Daag mir brengen? Et leit a Gottes Hand. We' gött et mer elo? Et dre'nt sech alles vir u mengen A'en. All de' Opregung vun de léschte Stonnen hu mech eso' schlapp gemacht. Onbedengt misst ech nach e puer Stonne schlofe können. Soll dat mir vergönnt sin?

12. S z é n

(D'Nuetswaach passe'ert)

Nuetswächter: T'Auer huet der 3 geschlon; Eriwer ass schon nés 1 Stonn Den neien Daag huet ugefang, wie wés wat hien nach bringe kann
Dir Mönchen huet iech all enuecht"
So' rifft iech zo' d'Waach vun der Nuecht,

Dass kén dem Aeren Onrecht dé,
A kén dem Aeren bringt Léd,
Well we' de Mönch nun Nächste stét
Davun hängt oof seng E'wegkét.

13. S z é n

Alma: (Mam Kierfohe vun der Corbeille)

War ech der jo net baal erwösch gin! Ech hat kaum Zeit nach fir mech hannert e Giewel ze verstoppen, we' d'Nuetswaach ko'm. Hu, t'göt mer dach eso' fêrtereg!..Mé fort mat der Angscht. Elo ass de Moment vun der Revanche. Wat wärt menger Comtesse hir agebilte Fröndin elo Ae machen! Mé ech wärt sie le'eren d'Alma op d'Seit ze drécken! An daat misst d'Alma sech gefalen lassen vun eso' engem hiergelafene Giertnersmédchen. Da kennt dir d'Alma awer schlecht! ..(Werft de Kierfchen virun d'Couche) Do huel dein Dréck eröm. D'Comtesse Amallia wöllt neischt mat engem De'f ze dun hun.

14. S z é n

SYLLA : O hei, a wat ass daat? (geséit de Kierfchen) A we' könnt dann dé Kierfchen hier? Et ass jo mei Geburtsdagsgeschenk un d'Comtesse Amalia.

ALMA : De' flét dir op dei Geschenk. Sie wöllt neischt vun engem De'f.

SYLLA : Du, Alma, we' kanns du mech De'f vernennen...ech hun nach neischt geholl?

ALMA : Nén, kén De'f huet jé eppes geholl! Ech hun de Rénk un denger Hand gesin. Wat sés de elo?

SYLLA : Ge'h Alma! Wanns du eso' le'e kanns, ass all Ried ömsooss.Ech wöll weider ké Wuert verle!eren.

ALMA : Hahaha!! Du Schméchlerin!de' sech an d'Härz vu menger Herrschaft ageschlach/onme'gleich mecht.Elo dre't d'Blaat sech öm. (gét iwerdém fort)/a mech

15. S z é n

SYLLA : E Gléck dass virdrun d'Gräfin a meng Mamma bei mir waren. Ech wär jo elo verzweifelt.A wat fir be's Gächter sin dann an dech gefuer, Alma? Ech soll dech verdreiwén!!! An du hues de Renk bei mir gesin! A we' könnt dat arent Kand da nömmen un de' Ligen? O Herrgott, verzeih him. Et wés bestömmt net, wat et sét. Op dé Coup do.....Op dé Coup do, kann ech bestömmt net un d'Schlofen denken. O wär der Daag dach do, egal och wat e bringt. (steipt de Kap un d'Gelänner, sét dan mat neiem Mut) A we' kann ech a menger gro'sser No't dann d'Himmelsmamm vergiessen. Sie huet mech dach nach nie verloss. Ech wöll hier ént vun hire Lidder sangen. Dat göt mir neie Mut an hölt vu mengem Léd e gro'ssen Dél ewech. (Sengt)

(Melodie: Klagt in Leid...)

Ass am Léd dat arent Hierz, De'f bedréckz vu Suerg a Schmierz
Ruffe mir le'f Mamm zo' Dir, Ruffe mir le'f Mamm zo' Dir
Muttergottes, d'arem Mönchen, Vun Dir, Tre'schterin Gnod erwön-
He'er, he'er oh erhe'er eis, Steh ons bei, versto's eis nehen
Wann et bal kén Auswé göt, He'er, he'er o erhe'er eis.

16. S z é n

(Richter mat engem Schlüsselbond, beglét vum Scharfrichter -
(Sylla erschreckt)

RIICHTER: Nach émol wöll ech versichen, dech zo! Verstand ze bringen
Wanns du elo bekenns, da bleiwt et bei den 30 Geisselstréch
vu göscht.Du kanns dann Deint an Denger Mamm hirt Liewen retten.

SYLLA : Ech kann net anescht soen, ech hu ké Renk gesin a ké geholl.

RICHTER: D'Gesellschafterin Alma huet de Renk bei dir gesin. Nu gesteh.

SYLLA : Bei Gott an allen Helgen schwieren ech, dass ech onschölleg sin.

Richter: (gan erregt) Da renn an dei Verdierwen. (zum Scharfrichter) Richt gleich de Feierherd! Hötzt dichteg an. Wann der Dag ufängt, soll d'Urtßel scho vollstreckt sin (oof)

17. S z é n

Scharfrichter: (Dre't Stre'h a Fäschen zesummen) So' schwe'er we' haut go'f mir nach nie mein Amt. Dat arent Kand! We' hun ech Matléd mat him. An eng Stömm dobanne (weist op d'Härz) sét mir, dass hat onschölleg ass. Soll ech dann neischt do könne maan? Awer Dengscht ass Dengscht. (setz sech op d'Fäsch, steipt de Kapp an d'Hänn an denkt) (Sprengt erlichtert op) Halt! Ech wés en Auswé. Ech huelen hémlech d'Kand mat a mein Haus an haalen et mur de ganzen Daag verstoppt. Wann dann an der Nuecht alles schle'ft fe'eren ech et iwert d'Grenz. Ech din et he'ch an helleg versprochen sech zo' Eichburg net me' ze weisen, bis dé richtigen De'f enntdeckt ass. Der Mamm vertrauen ech als gro'sst Geheimnis un dass d'Sylla liewe, mé dass et sie einstweilen net därf eröm gesin.

Mé mur de Murgen iir der Deiwel d'Schung unhuet, brennt en Hällefeier dat iwerall verkönde soll dass den De'f gerächt ass. (reiwt sech d'Hänn) Ah dir kennt alleguer nach net den Hanni. Och an der Broscht vum Scharfrichter schle't nach en Härz. Ech gratulieren mir selwer, iir de sche'ne Plang. Hut oof Hanni! Hut ooff virun dir selwer. An hurteg virun nun fir och dé sche'ne Plang zur Wirklechkét ze brengen. Virun iir et ze spe't ass.

18. S z é n

SYLLA : Dann hät elo meng lèscht Stonn geschloe. Ech opferen Dir mei Liewen op, o Herrgott, fir alles, wat ech schlecht gemacht am Liewen, an dass dé richtigen De'f sech soll beke'eren.

HANNI : Né Kand, du solls net stierwen. Den Hanni wés, dass du onschölleg bass a wöllt dech retten.

SYLLA : O merci le'wen Här. Mé ech wés gutt, dass dir är Pflicht musst man. A kengem Fall wöllt ech, dass dir durch mech ärt Liewen a Gefohr brengt. Op d'manst ge'ft dir bestömmt är Plaatz verle'eren an so' är ganz Familjen a No't an Honger fe'eren wann dir ärt Amt net richtig ge'ft verwalten.

HANNI : Duerfir mach dir keng Siergen Kand, well mein Amt gin ech so' we' so'e op. Ech wöll mech net me' an dé Fall versetzen, en Onschöllegen hinzerichten. Befolleg duerfir ro'heg wat den Hanni sét Du bleiws de ganzen Daag a mengem Haus. Mar den Owend fe'eren ech dech fort. Den Herrgott, déms du eso' trei dengst, wärt bestömmt dech net verlossen. Zo' Eichburg duerfs du dech net me' weisen bis de richtigen De'f entdeckt ass. Muer de Murgen brennt hei e Feier mé d'Sylla göt net mat verbrannt.

SYLLA : O we' geschéckt a klug dir alles ariicht. Ech sin d'accord a son iech villmols merci. Mé averte'ert och meng Mamm.

HANNI : Dat wärt ech man. Den Hanni ass kén Efalt. War ech och an der Scho'l net dén e'schten, so' war ech dach net vun der Domesmillen. A nu fort iir et ze spe't ass.

R I D E A U

..=.=.=.=.=.=.=.=.=.=.

3. A K T

PERSO'NEN: Sylla, 9 Schne'flacken, 5 Hieserchen,
Fee Speravi (gut). Fee Confundar (schlecht)
Wichtelkinnek, 7 Wichtelcher: Billi, Mucki, Pucki, Wumbu, Schmuseli,
Schmölli, Tuddeli, Gunda, Alma.

1. S z é n: Schneebal-Reigen (Melodie Gesangb.S. 73)

1.
Et ass schon de'f am Wanter
Mir Flacken danze fro'h
Mir decke Feld a Wiesen
Mat eisem Mantel zo'
Mir léen eis op d'Wéen,
Mir maachen alles weiss,
We' sche'n, we' sche'n,
Ass d'ganz Natur dobauss!

2.
De Villche fönnt ké Kär me'
Den Huës fönnt neischt am Bösch,
Däerfi en dapert Mädchen,
En all Daag deckt den Dösch,
Mir Flacken hun eis Fréd drun,
Wa mir de' Le'ft gesin,
A gär, a gär, dem Biesen na mir
gin

3.

Mé wann emol misst d'rechnen
En Daag, Gart, Wis a Kop,
Dann hale mir Schne'flacken,
Direkt ze faalen op,
Verze!en ons an eng Wollek,
A raumen hurteg d'Feld,
An d'Sonn, an d'Sonn,
De' kuckt erfoof op d'Welt.

2. S z é n

{ Sylla kënnt aus dem Haus mat engem Biesem a kiert de Schne' eweg
(fir Kären ze stréen. Iwerdém sengt et: 6 Gesangb. Melodie S. 64 No 70)

De Schne' den deckt nés d'Kären zo' eiji eijo
D'arm Villercher si guet net fro'h, eiji, eijo
Do muss mei Biesem gutt derbei
A mache flott eng Plätzche frei,
eiji eijo, eiji eijo, eiji eijo eijo.

Nu Villche mach dech gleich erbei, ziwit piep piep
Sich Fuder dir a fuer derbei, ziwit piep piep
Pick alles op, so' lang et frösch
Muer fons du nei gedeckt den Dösch
Ziwit piep piep, ziwit piep piep, ziwit ziwit piep piep

3. S z é n

SYLLA : An nun nach de Kabes fir meng kleng Hiesercher. So' nu macht
iech erbei, all we' der do sit, den Dösch ass gedeckt.
(Villercher peifen) Jo, rufft all är Frönn zesummen, dir krit alle-
guer genug. A losst net lang op iech warden. Pickt a knabbert, ir
neie Schne' nés alles zo'deckt. (fort an d'Haus).

4. S z é n

(Hieserche sprangen eran, knabberen um Kabes a spillen dermat.
(Hannert der Bühn göt iwerdém gesongen: Melodie: Gesangb.S. 155 No 143

1

5 Huesen ander Reih, Hiesercher ei we' flott
We' se danze, sprangen hei,
hopla hop, o kuck elei,
Hieschen, ei we' flott, laach dech net kapot.

2

Mat dem Kabes an der Patt, ei dat ass e Fest,
We' s'och knaen, si gin net saat,
Hiesercher, we' ass dann daat?
Ei, dat ass e Fest, Kabes ass dat bèscht.

3

D'Hueseberschten hu gut Ro', well sie hun e Plang
D'Juegd man sie fir ömmer zo'
An de Fuss dé güt erschlo'
Well sie hun e Plang, ké me' güt gefang.

5. S z é n

SYLLA : Ei, ei, we' dat mengen De'erche schmaacht' (stréchelt d'hiesercher) Hei de Putzi!! An de Schmausi!! An de klenge Lampi De Läffeli dreckt sech an den Eck! Wat ass da lass mei Klengen? An den Hopseli sprengt schon eröm fort. Et wärt em kal sin. Dann hopst em hurteg no, dass kèn sech ka verle'eren. A passt mer gut op wann de Jéer könnt. Laft och dem Fische net an d'Gräpp. (Huesen oof).

6. S z é n

SYLLA : Sie sin och vill ze artlech, de' le' Déercher. Ech könnt mech stonnelaang mat hinnen amese'eren. Wat ge'f ech och uni sie man? Ech krit jo d'Zeit net eröm. Elo sin et bal 7 Joer, dass ech hei bei den Zwerge sin. Den Zwergekinnek a seng kleng Wichtelcher, sie sin eso' le'f zo' mir. Sie wölle mir mei Liewe liicht a sche'n man, a ge'fe mech am lewsten ömmer bei sech halen. Mais dat kann ech net versprechen, well ech hun nach net ganz d'Hoffnung opgin, dass ech én Daag röm hém ke'm bei meng Mamm! Bal 7 Joer hun ech sie net gesin. Soll sie nach liewen? Soll sie nach u mech denken? Du gut le'f Mamm, we' oft schon hun ech no dir verlangert. Mé haut besonnesch Mamm, gin ech der Sehnsucht no dir net lass.

Sengt op d'Melodie: Iwer mir net 6Gesangb.S.281

Iwer mir net e Stierchen	Wat ass dach d'Verlangeren
Hält do uewe Wuecht	en de'wen, de'we Schmierz
An no hém all mein Denken	Ké Schlof me' fird'Aen
An d'Broscht voll deischer Wuecht.	Ké Fridde me' fir d'hierz

Hém, hém, hém, bei meng Mamm - Duer ge'f ech gär goen
Jo hém bei meng Mamm.

7. S z é n

(D'göt hell. Gut Fee - Speravi - Sylla erschreckt)

SPERAVI: Wuerfir dann eso' traureg Mönshékand? Ech wés wat dech dreckt. Hief gudde Mut, d'Stonn vun denger Ele'sung reekt ömmer me' no.

SYLLA: Wie sit dir? A wo'hir wösst dir, wat dir mir grad versprach huet.

SPERAVI : Ech steamen aus dem Elfenreich an dron dem Num "Speravi"
Dat höscht: Ech heffen. D'Le'ft so' de Mönchen, de' an der
No't gin, dreiw mech duerch d'Welt. Ech machen hinne frösehe Mut a
gin eröm nei Hoffnung. Ech kommen grad vun denger Mamm. Och seie ver-
langert, denkt all Stonn un dech a bied beim Muttergottes-Bild fir
deng Befreiung. Och sie hun ech getre'scht. We' ech dein trauregt
Lidd gehe'ert hun du wollt ech dir och Höllef brengen. Verle'er ké-
mol de Mut a fré dech op e baldegt, fro't Erömgesin. De' 7 Joer gin
hireem Enn entge'nt. A wat och nun nach ke'm, ruff ganz vertrauens-
voll mein Num: "Speravi" Hien hölleft dir an all Gefohr.(oof)

8. S z é n

SYLLA: De' 7 Trennungsjohr gin hirem Enn entge'nt! Da wär meng Ret-
tung no. O Herrgott, wat eng Fréd! Ech ka geschwönn meng Mamm
erömgesin! An dach befällt mech plötzlech elo en Zécken! Soll ech
elo meng Wichtelcher verlossen? Sie waren all eso' gutt zu mir. Den
Abschied vun hinne fällt bestömmt mir schwe'er.

9. S z é n

(Blötz, Donner Be's Fee Confundar)

Confundar: Hu...huhu.....

SYLLA : (wöllt fortlaafen) A wat ass daat? Ech lafe fort..

Confundar: (a barschem To'n) Bleif! Du bass elo meint, well mein

Num der sét: "Confundar"....ech gin zugrond. D'Ganz
Mönschhét riichten ech zugrond, an och du stés no beim Engléek
Oennergank. Geseis du dann net an, dass all dein Hoffen dir neischt
hölleft. Scho 7 Joer warst du op Rettung, 7 langer Johr...a mar de
murgen gét en neien 7 Cyclus un.(Sylla ste'sst e Krésch aus)Gelt
wat eng Aussicht. Hal op mat bieten a vertrauen, du bass vu Gott an
allen Helgen verloos. Komm werf dech mir an d'Aerm..

SYLLA: We' göt et mir? Ech gin zugrond!!!Wie ka mir höllefen?

Confundar: Kén,,ha...ha.. Du bass meint ha..ha...

SYLLA : (fir sech) Wat hat mir da schon de' gutt Fee ubefuelen?
we' sie vu mir fortgangen ass?: "A wat och kén" Speravi"
daas deng Rettung (haart) Speravi.

(Blötzen, Donner - Confundar rennt wöll dorömmen)

Confundar: Ah, de' verflucht Speravi. Ass sie mir nés zevirkomm

Wo' sie passe'ert ass, do sin ech machtlos.(zum Sylla)
Dach triumphe'er net ze fre'h. Ech renne bei deng Mamm.Ent Römgesin
get et net.Kont ech d'Kand net a mei Bann schloen, da kre'en ech
bestömmt seng Mamm.(rennt opgereggt iwert d'Bühn) (Blötzen, Donner
ganz géschterhaft)

10. S z é n

SYLLA: Wat sin ech fro'h, dass d'Fee Speravi och scho bei menger
Mamm war. D'Confundar sot jo selwer:" Wo' sie passe'ert ass,
do sin ech machtlos." Also kann Verzweiflung och menger Mamm neischt
undun. Mé we' geheimnisvoll dat alles ass, an ech sin eso' eleng!
Wärem d'Wichtelcher eröm, dass ech hinen alles könnt erzielen.
(Vu fären e Sagen) Aha, elo kommen se. Ech laafen hurteg kucken,
ob an dem Heischen och alles parat ass. De Kinnek hält duerop.Sie
sin all glécklech, dass ech hinnen de Stoot eso' gutt fe'eren. Mais
si hun et och verdengt.

11. S z é n

(Wichtelcher kommen vun der Arbecht mam Geschirr. Sie sangen am
(engem flotten Opmarsch) Melodie S.63 No.69:

I

2

Wann d'Wichtelcher de ganzen Daag. Wann d'Wichtelcher da kommen hém,
Geschafft hun a gewuddert Sin si ganz artlech Jongen,
Ze'hn sie op hémzo' rieseg lass, De Steiwe Glidder dé^t et gut
Vu Kap zo' Fe'ss bepudert, Wa löschtet^g get gesprongen,
Well wann sie gruewen de'f an d'Erd Kuck, we' sie flenk en Dänzche
No Sölver Gold a Pärelwert, We' jidderßen sech dre'e^e man
De Stöps fle't ronderöm, Sie gin mol guer net mit^{kann}
De Stöps fle't ronderöm. Sie gin mol guer net mit.

(Wichtelcher setzen sech nidder)

KINNEK : Gudden Owend, dir meng Le'f Jongen! Wat sin ech fro'h dass
dir haut all eso' erdeg wart, e gro'sst Stéck Arbecht go'f
geléscht. Vun dass mir dat le'ft Médchen hei bei ons hun, gét et
eis iwerhapt all vill besser vun Hand. Et gót net me' gestriden,
a jidferén mech bestömmt eng duebel täche.

MUCKI : Ech spire guer keng Middegkét wann ech un d'Sylla denken.

PUCKI : An ech ge'f eso'guer nach d'Nuecht mat beihuelen, jo, ech
ge'f drop lass schaffen, drop an derwider, wann ech domat
dem Sylla könnt eng Fréd man.

WUMBU : Et ass awer och eso' le'f dat gut Kand. Sollen d'Mönschen
all eso' sin we' d'Sylla? Da könnt én sech nawell an sie
verle'wen!

KINNEK : Halt iech le'wer weit ewech vun hinnen. Wat én net kennt
dat le'sst é stoen. Höchstens éin d'Médercher all ewe'
d'Sylla an dat ass emol net sécher.

SCHMUSELI : Ech verlangere schön no dém le'we kand. Wo' soll et
stéchen. We' komesch, dat et eis net we' gewe'nleç fro'
empfang huet.

SCHMOLLI : Et ass mir och opgefall. Iwerhapt schengt et eppes ze hun
wat et dréckt. Mannechmol kuckt et weit iwert d'Bierger
an da geseit an he'ert et neischt, wat em et viirgét.

KINNEK : Schwe'er Saachen beréden sech vir. Elo ass d'Sylla 7 Jor
bei eis. An am Märchenland ass d'Siewenzuel vu gro'sser
Wichtigkét. Ech ka mat Fréden net un dös Nuecht denken.

TUDELY : We' we' we' meng dir dat, Här Kinnek? Mir werden d'Sy-sy-
Sylla dach net verle'eren!

KINNEK : Ech ferte ganz, mir behalen et net me' lang... (Wichtelcher
schloen d'Hänn um Kap zesummen) A we' könne mir nach be-
stoen uni dat le'ft Kand?

MUCKI : Villeicht ass et scho fort!! Et misst scho lang hei sin.
Wo' stécht et nemmen?

PUCKI : Soll ech emol kucke goen? Ech brengen et dann heihin.

SCHMUSELI : Ech gi mat. Ech losse mir da gleich 2 Bése gin op d'Stir
eng fir elo, an eng (e kreischt) fir wann et net me' hei
ass.

SCHMOLLI : Jo, jo de Schmuseli war oemmer vir.

WUMBI : Ma Schmollli, loss dach dem Jong seng Fréd. Du wärs dech
elo net un d'Motze gin, nodém d'Sylla dir et ganz oofge-
winnt hat.

TUDELY : Ech hä-hä-ä-ät iwer gä-gä-ä-är 2 Be- be- besen.

KINNEK : Nun net gestriden, do könnt eis Sylla jo.

12. S z é n

SYLLA : O Welcome, Kinnek an all Dir meng le'f Wichtelcher! Mais entschöllegt mech, dass ech eso' spe't usin. Ech si ganz duerchernén. De' 2 Féen hu mir et ugedon.

(Wichtelcher - All zesummen - 2 Féen)

KINNEK: Setz dech an eise Krés an erziel eis alles, Sylla, hurteg erziel.

SYLLA : Fir t'e'scht ko'm d'Fae Speravi. Sie war eso' sche'n, so' fein a gut, ech hu gemengt, en Engel steng viru mir. Sie huet mir e baldegt Róngesin mat menger Mamm Versprach

Wichtelcher: Oooooo

SYLLA : Meng Mamma hat sie viraus scho getre'scht, ir sie bei mech ko'm an d'Zwergeland.

KINNEK: (opgerégt) Virun, virun wie war de' aner Fé?

SYLLA : Oh, dat war eng garschteg Hex. Kén Deiwel ka me' elle sin we' de'. An t'huet gedonnert a geblötzt we' se ko'm.

Wichtelcher: Hu, hu - - Mir färten

SYLLA : Och ech hu gefaart a wollt entlaafen. Mé ech ko'm nez vun der Plaatz, ech war we' gebannt.

PUCKI : Ech hätt de' ureg Hex zergrimmelt.

BILLI : Mechs du dech nés gär wichteg Pucki?

KINNEK: Ké Pipjeswuert me', bis d'Sylla fêrdeg ass mat erzielen.

SYLLA : Confundar, so' war hiren Num. An dat héscht: " Ech gin zo'-grond". An denkt de' be's Confundar wollt iech an d'Verzweiflung brengen a mat sech an den Abgrond ze'en.

Wichtelcher: (schudderén sech)

SYLLA : We' ech awer den Num Speravi, " ech hoffen" ausgeruff hun, du go'f et e firchterleche Knall, we' wann d'ganz Weltt aus den Angelen géng. De' be's Fé ass dohir gerannt we' wöll. Sie huet mir nach gedréet, sie ge'f sech u menger Mamm rächen, du war sie spurlos verschwonnen. A gleich war och de Krach an der Natur zu Enn. Mé ech war eso' opgerégt, a war frô'h, we' ech iech vu fären gehe'ert hu sungen.

KINNEK: (stét op) Le'ft Sylla! Dir meng le'f Wichtelcher! Eng wichteg Stonn huet elo fir ons geschlon. Eis sche'nt Zesummenliewen gét zo' Enn. A kurzer Zeit scho musse mir eis trennen.

SCHMUSELI: Mein hierzegt Könnchen! Ech wöll gleich meng Bésen!
(Sylla kösst en op d'Stiir)

TUDDALI: Eeeech ooooooch! (Sylla dat selwecht)

Wichtelcher: (duerchernén) Mir lossen dech net fort.

MUCKI : Né, mir können uni dech net liewen.

PUCKI : Ech gi mat dir, wuers du och ömmer gés.

WUMBI : Ech verlangeren Nuecht an Daag (kreischt)

SCHMOLLI: Ech machen neischt me' wanns du fort bass!

BILLI : Sylla hölt eis alleguert mat an d'Mönscheland.

KINNEK : Sit nun all verstänneg. Mir können eis net töschend d! Sylla a seng Mamm stellen. Mir soen him villmols Merci fir seng Guthét a wönschen him vill Gléck a Fréd fir t'Zukunft.

13. S z é n

{ Et göt nom Sylla gesicht. D'Mamm ass de' e'scht, de' hat
{ erömfond, Sie könnt hannert engem Bam eran..bleiwt am Agank
(da stoen)

Wichtelcher: Humm...Mönschen, Mönschen (lafe fort)...kommen
awer lues a lues eröm.

GUNDA : (Mamm a Kand stin sech e Moment ge'nt iwer. Gunda brét
d'Aerm aus a rifft mat harder Stömm) Sylla....

SYLLA : Mamm...(geheit sech der Mamm an d'Aerm)

GUNDA : Mei le'ft Kand..(Halen sech eng Zeit ömschlungen)

Deng Onschold ass bekannt. De Renk ass fond. An du bass frei
Ganz Eichburg ass an der Fréd, dass du nach um Liewe bass a wart on-
gedölleg hei op dei Kommen. D'Gräfin Blanka huet hir béschten Denger
ausgeschécht no dir ze sichen. Ech wollt natirlech och derbei sin,
weil ech wollt als e'scht dech begre'ssen.

SYLLA : Dat ass ze vill dér Fréd. O merci Herrgott, a merci dir
le'f Himmelsmamm.

GUNDA : Jo, no uewe musse mir eis Blécker riichten, weil nömmé vum
Himmel ko'm d'Höllef. Den Herrgott huet e johrelangt Ge-
biet vu Mamm a Kand erhe'ert.

14. S z é n

ALMA : (Alma stiertzt eran, fällt dem Sylla zo' Fe'ssen) O Sylla,
o verzeih. Ech hu ganz schlömm ge'nt dech gehandelt. Scho
Johrelang hun ech keng Roh a keng Rascht, an ech vergin vun önn-
lechem Schmierz a Rei. We' ech gehe'ert hun, dass du nach ge'fs
liewen an dass no dir gesicht go'f, hun ech mech enger Suchaktio'n
ugeschloss fir dach so'bal we' me'glech deng Verzeihung ze kre'en.

SYLLA : Ste'h op, mei Kand. Et sief dir alles verziehen, vu ganzem
Härz verziehen. We' Schwöstere wölle mir an d'Zukunft zesum-
me liewen.

ALMA : O, merci Sylla fir dein Tro'scht, deng Le'ft an deng Ver-
zeihung. Mé, mat dir goen, dat kann net geschehen! Du
warst durch mech 7 Joer lang verbannt. Wats du force'ert wars ze man
wöll ech als Sühne freiwölleg op mech huelen. Freiwölleg wöll ech
an der Verbannung liewen.

SYLLA : O, da bleiw hei bei de Wichtelcher. Dann ass mein Abschied
vun hinne vill me' liicht (kuckt ronderöm) Wo' sin se dann
all hin? A menger gro'sser Fréd hun ech si ganz vergiess.
(Rifft no alle Seiten) Kommt, kommt, dir braucht dach net
meng Mamm ze fërten.

15. S z é n

(Wichtelcher kommen erbei)

SYLLA : Hei ass meng gut Mamm, op de' ech 7 Joer gewart hun.

Wichtelcher: Vive, Vive, Sylla a seng Mamm.

SYLLA : An dat sin d'Wichtelcher, de' mir a schwe'rer Zeit d'Lie-
we sche'n a liicht gemacht hun.

GUNDA : Vive, Vive, d'ganzt Zwergereich mat sengem Kinnek an all
de Wichtelcher.

SYLLA : Nu stellen ech och nach meng Fröndin Alma vir. Sie huet be-
schloss fir ömmer hei ze bleiwen, an sie ka mech bei iech
ersetzen, wann dir d'accord sit.

Wichtelcher: Vive, vive, eis nei Prinzessin Alma.

ALMA: Ech hun iech elo scho gär.

KLEINEK : Mir hun elo eng dreifacht Fester, e fro't Eröngesin, a
schwa'ren Abschied dé vill erlichtert güt duseroh eis nei
Prinzessin. Dertir gif ech meng Wichtelcher aluden
sche'ne Reigen opzefe'eren.

Wichtelcher: Bravo, bravo.

16. S z é n

Wichtelreigen: Melodie; Gesangb. S.26 No 34

1

Losst ons fro'h sin alleguer
Löschteg sin an danzen
Well et go'f eis ganz bestömmt
D'Glück zydél am Ganzen
Alléguer, flótt'erbei
1 2 3 - 1 2 3
Kommt all erbei.

2

Kuckt mir hun en dreifacht Fest
Haut hei ze bgoen
Wie vun iech ge'f do nach gár
abseits wölle ston
1, 2, 3 - 1, 2, 3
Alleguer flott erbei
1, 2, 3, - 1, 2, 3
Kommt dach all erbei.

R I D E A U

4. A k t

(Grofeschlass: Sylla get als dat vermössend Ritterkand erömfond. E Versuch, hat als Erbgräfin Jutta am Grofeschlass ze halen, scheitert u sengem Entschluss, sech als Ordens-Schwester an den Dengscht vun der Mönshét ze stellen. D'Comtesse (Amalia iwerhóllt mam Grof Hugo d'Grafschaft vun Eichburg.)

AMALIA: O, Mamma, ech sin eso' fro'h, ech könnt d'ganz Welt ömárbe-
len..We' solle mir nömmen eiser Herrgott danken, dass
d'Sylla liewt.Ech hátt bestömmt ké gutts me'op der Welt gedon,
wann hat démols higeriicht wár gin, onschölleg.

Gräfin:Onser Herrgott dank vu ganzem Herzen. Mé och dem gudden
Hanni könnt e Luef zo'. Wat hätte mir gemacht wann d'Kand
verbrannt wár gin?..

AMALIA: O ge'f de Papp nach liewen, hie misst den Hanni gleich
zum Ritter schlon. Ech wóllt, hie könnt den Owend bei
menger Geburtsdagfeier och derbei sin an zwar an den 1.
Ritterreihen.

BLANKA: So' ass et recht, Amalia. Dei jetzige Geburtsdag kann mol
röm richtig gefeiert gin. Et ass dein 18ten, en extra wich-
tigen, wells du gro'ssjähreg dann erklärt göss.

AMALIA: Och d'Sylla huet Geburtsdag. We' komesch dass mir um sel-
wechten Daag Geburtsdaag feiern, blo's hat 2 Joer me' aal
ass. O ge'f et nure fond gin virum Owend, ech halen drop
dass mir zesumme feiern.

BLANKA: Wann d'Sylla erömfond ass könnt hat fir ömmer an D'Grofe-
schlass, hat a seng Mamm, dat ass mei feste Plang.Mé haut
ge'f och nach eng aner Geburtsdaag feiern, grad och nach
den 20ten, wann sie nach um Liewe wár.

AMALIA: 'A wien dann, Mamma?

BLANKA: Dat ass e gro'sst Geheimnis, dat ech bis elo mat aller
Suerg dir virenthaal hun, Amalia. Ech hat mir virgeholl,
bei denger Gro'ssjähregkét d'Geheimnis opzedecken.

AMALIA: Da wár jo elo dé richtige Moment do, Mama..

BLANKA: Jo, mei Kand! Da lauschter. Du hass eng Schwester de' gené 2 Joer me' äi war we's du... Et war deng Schwester Juta...

AMALIA: Ass sie gestuerwen ier ech op d'Welt ko'm? Mama.

BLANKA: Ganz kurs virdrun. Sie ass op eng ganz tragesch Weis ömkom, Sie ass erdront.

AMALIA: Erdrong?

BLANKA: Ech kont et guer net gléwen. Ech gléwen et nach haut net... Ech sin iwerzégt dass e Bedrug do virleit.

AMALIA: (ganz opgereg) A we' dann dät?

BLANKA: Trotz Jorelänger Fuerschung go'f d'Kand net fond, net do'd an net lieweg.

AMALIA: Du arem Mamm! A wuerfir hues du dengem Amalia dann neischt dervu gesot? Ech hätt dir jo gehollef dei gro'sst Léd dron. A wann dann d'Juta nach lieve ge'f? O Mama! Ech hätt keng Ro'h a keng Rascht, ech misst et fannen, a misst et fannen a misst ech mir och d'Bén stompeg läfen, a misst ech sichen bis un d'Emm vun der Welt.

BLANKA: Grad dat hun ech gefart. Ech kennen dei gutt Hèrz an deng gro'ss Le'ft. Ech hu gewosst dass ech och dech da ge'f ver-le'eren.

AMALIA: Wössen d'Leit vun Eichburg dat net öm d'Juta?

BLANKA: Sie wössen et. Mé de Papa hat hinnen all verbueden, vun dém Ongléck ze rieden, aus Angscht, du könnst et gewuer gin. An d'Leit aus de'wer Vere'erung virun eisem Schmierz hu streng geschwiegen.

AMALIA: An eso' gutt kons du dei gro'sst Léd dron, Mama, dass ech niemols dervun gemierkt hun!

BLANKA: Dem Herrgott hun ech stöll mei Léd gelöt, hien huet mech stark gemacht. Mam Herrgott kann én alles.

AMALIA: Mama, ech hun eng Idee. Wann d'Sylla eröm fond ass dierft ech an d'Zukunft hat als meng Schwester ugesin? Hat soll mir dann Ersatz sin fir meng Schwester Juta.

BLANKA: (schle'sst d'Amalia an d'Aerm) O du mei gut Kand, du schwätz mir an d'Hèrz..Dat ass jo grad de Grond fir dé mir d'Sylla an d'Schlass huelen. Mir wollten hat we' d'égent Kand behandelten, mé mir ge'wen et niemols man, wanns du net d'accord wärs.

2. S z é n

(Et schellt)

PAGE : Entschöllegt villmols, dass ech ste'eren, gnädeg Herrschaft, Eng fein Dame begiert eng Audienz a le'sst sech net zréck-halen.

BLANKA: Sie soll gleich kommen.

3. S z é n

GUNDA : Verzeihung edel Herrschaft! Ech wollt iech gleich de' frédeg Noricht brengen. Mir hun d'Sylla fond....

AMALIA: D'Sylla liewt! d'Sylla liewt! Wo' ass et dass ech hat gleich begre'ssen.

GUNDA : Viraus ge'f ech nach e Wuert mat Iech schwätzen. (weist eng Kettche mat enger Medaill) Kennt Dir de' Ketten?

BLANKA: (kuckt erschreckt) O schwätzt, we' kommt dir un de' Ketten?

GUNDA : Virun ongef'e'er 18 Joer huet hémlech eng krank Zigeinermamm mir e Kand an d'Haus bruecht, dat de' Kette gedroen huet. Zigeiner haten d'Kand entf'e'ert, mé d'Mamm de' hat keng Ro'h. Sie wor do'tkrank a wollt mat dém Verbriehen net virun eiser Herrgott gon. Duerfir wollt sie d'Kand retten.

BLANKA: Wo' ass dat Kand? Huet dir et sengen Eltern erömbrecht?

GUNDA: Nuecht an Dag hun ech gefuerscht no hinnen.

AMALIA: De' arm Eltern! Huet dir se fond?

GUNDA: Bis haut nach net.

BLANKA: A wo' ass dann d'Kand? Ass et nach um Liewen?

GUNDA: Et liewt nach, Gott sei Dank an t'ass net weit ewech vum hei. T'ass d'Sylla.

BLANKA: an AMALIA (dun e Krésch) (D'Gräfin Blanka schle'est d'Comtesse Amalia an d'Aerm) Amalia, d'Sylla ass deng Schwester Juta (weist op d'Médaille) Hei stét sein Num...sche'n agrave'ert Juta v.E. = Juta von Eichburg) (zu Gunda) O gleich...brangt mir mei Kand. O Jutta, o du mei le'ft Jutta. O Herrgott, ech fanne keng Wirder, fir dir ze danken.

GUNDA: D'Sylla selwer wés nach neischt. Hat huet keng Ahnung, dass ech...seng Mamm...net sin...

BLANKA: We' konnt dir dann all de' Joren dat Geheimnis droen?

GUNDA: So' we' dir ärt gedroen hutt, edel Gräfin, D'Mammen de' si stark

BLANKA: Hätt dir mir e'schter dach de' Kette gewisen.

GUNDA: Viru 7 Joer we' ech der Wo'recht op der Spur war, wollt ech et man. Ze'fälleg hat ech vum èrem Kand gehe'ert. Ech wollt du d'Sylla als kostbart Geschenk an d'Schlass brengen. Du ko'm leider dat Ongléck, de' onglecklech Geschicht vum Rénk dertöschent. De' Schán, dass e Gröfekand en De'f soll sin, wollt ech erspueren an hu geschwiegen. Ech hätt och weider geschwiegen, wann d'Sylla sech senger edler Herkunft net würdeg hät erwisen. Mé hat huet gro'ssmuteg d'Alma als seng Fröndin unerkannt. "E Gléck dass dach ké Mönsh den De'f war", dat war seng Entwert we' ech him vum Renk am Elsternascht erzielt hun. Hat wöllt och, dass iwert dat Onrecht, dat him duerch Missverständnis widerfuer ass, nie me' soll geschwät gin. De' Charakterzig hu mir bewisen, dass dir sech senger niemols breicht ze schummen.

BLANKA: Ech hu mei Kand eröm, das mir genug. Mé ech denken nemmen grad un Iech. Et muss iech dach schwe'er sin, elo d'Sylla ze verle'eren.

GUNDA: Et ass mir schwe'er, mé et ass meng Pflicht.

AMALIA: Si solle jo och net getrennt gin, Mama. Zesumme kommen sie dach bei eis.

GUNDA: D'Sylla soll kommen, dach fir mech hun ech en anere Plang. Mé weider wöll ech iech net warde lossen, ech gi gleich d'Sylla sichen. Viraus wöll ech et iwer alles opklären.

4. S z é n

BLANKA: O wat eng glécklech Fügung! E schwe're Stén hun ech vum Hèrz eröf.

AMALIA: Meng Schwester Juta soll als Erbgräfin zu Eichburg bleiwen. Gären ze'en ech mech zréck an iwerlossen hir de Virrang. Duebel huet sie et verdengt, t'e'scht duerch hirt Erbrecht, an dann duerch all hirt Leiden während 7 langer Joren.

BLANKA: We' oemmer schwätzt eröm dei gutt Hèrz, mei Kand. Och ech sin iwerzégt, dass deng Handlungsweis de' richtig ass. Dei Papp sént bestömmt dein Entschluss vum Himmel eröf.

5. S z é n

(Et schellt)

PAGE: 2 Dammen wönschen Einlass, vere'ert Herrschaft.

Gräfin: Pe'er sie direkt hier an de Sall.

6. S z é n

(D'Sylla a Gunda trieden an de Sall. D'Gräfin Blanka gét hinen entgegen)

BLANKA: O du mein allerherzegt Kand, du mei le'ft Jutta! O wat e Gléck fir eng Mamm, hirt Kand, hir langt vermössend Kand un d'Herz ze drécken.

SYLLA: Ech sin iwërwältegt. Ech kann net schwätzen..O Mamm!!!

BLANKA: Komm Amalia begre'ss dang Schwester Jutta!

AMALIA: O Sylla!..du meng le'f Schwester Jutta!!

BLANKA: Zesumme losst mir der Himmelmamm e gro'sse Merci soen fir de' wonnerbar Fügung. Wat vu Léd a Schmierz ons alleguer getraff hat wölle mir hir gro'ssmüteg opopfern a nie dervu me' schwätzen (zo' Gunda) A we' kann ech meng Dankschold un Iech ofdroen? Duerf ech iech bieden, mech als Er bèscht eFröndin ze betruachten. Et soll kén Oennerschéd vu Rang me' töschend eis beston. Mir duzen eis, du bass fir mech dat gutt treit Gunda an ech si fir dech d'Blanka. Dat gre'sste Gléck fir mech wär bestömmt, wa mir an Zukunft hei am Schlass zesumme lieve könnten. Dat wär dach secher och dei gro'sse Wonsch, gelt Jutta?

JUTA: Dat hätt sie trei a redlech wuel verdengt. Et wär fir mech en Tro'scht, wann ech der Mamm hir Zukunft so' gesechert we'sst. Da könnt ech jo mei Schwuer, dén ech am Prisong eiser Herrgitt geléscht hun an aller Ro'h ausfe'eren.

AMALIA: Ma Jutta, d'Grofschaft vun Eichburg wart op dech. Dem Gesetz nô an dem Verdengscht nô, bass du Erbgräfin, a vun Pflicht an dem Amt kann neischt dech me' entbannen.

JUTTA: Zo' denge Gonschten verzichten ech gär op dat Recht, le'f Schwester. Dir könnt et zo', Eichburg ze rege'eren. Du go'fs 18 Joer op den Titel virberét an ausgebild an ech sin oner-erfuer. Schon dat eleng ass Grond genug fir ze verzichten.

BLANKA: Jutta, du bass gescheit, geschéckt a fleisseg. A kurzer Zeit bass du och ausgebild.

JUTTA: Mama, d'Haftursäch ass d'Bildung net. Ech hun derzo' e Grond dé vill me' wichteg ass, vill me' hellegass. Ech hun en Eed geschwuer, dass, am Fall wo' d'Wo'recht un den Dag ke'm, ech mech ganz an engem Orden an den Herrgottsdengscht wöllt stellen. Ech ge'f gär künfteghin als Ordensschwester den arme kranke Mönschen hëllef, de' Onwössend bele'eren, an den Stierwenden an hirer lèschter Stonn beistoen. Wölls du mir duerdo' dei Segen gin, le'f Mama?

BLANKA: O Kand, kaum hun ech dech eröm, misst ech scho gleich dech nés verle'eren. Dat ass ze vill! An dach wann den Herrgott schwätzt soll sech de Mönsch net widersetzen. Gäre gin ech dir mei Segen.

JUTTA: (dréckt der Gräfin d'Hand) O Merci, Mamma! (zur Comtesse Amalia) An dir Amalia wönschen ech vill Gléck a Fréd a vill Erfollech als Erbgräfin vun Eichburg.

AMALIA: Ech gratule'eren dir och zo' dengem he'gen, énzeg sche'nen Entschluss. Dei Wonsch wär och nach mei Wonsch gewiescht, mé ént vun eis muss döse Wonsch zum Opfer brengen, du hues t'entscheden.

BLANKA: Wat sés du zo' dém Entschluss le'f Fröndin?

GUNDA:D'Jutta huet mir sei Plang schon oennerbrét; ech kann et nemme luewen a félicite'eren derzo'. Mé we' wonnerbar ass Gott a senger Fügung.A we' klug lenkt Hien d'Geschécker vun all Mönsh.Och ech droe jorelång de Wonsch mat mir eröm, no erföllter Aufgab als Krankenpfelegerin de Leidenden ze dengen.Meng Aufgab ass erföllt. Ech hun d'verluerent Kand gesond a gutt eröm hém gefe'ert. A kengem Fall ge'f ech wöllen der Le'ft, de' d'Juta nun senger Mamm a Schwester schölleg ass, am Wé stoen. Duerfir wöll ech als Infirmière zo' Eichburg an Oemge'gend de' aarm Krank opsichen a gutt pflegen.

BLANKA:O Gunda, da komm op d'Schlass, da schaffe mir zesummen fir de' Aren, Krank a Schwäch. Wat könne mir gemeinsam dann der Mönshét Guddes dun.

GUNDA :Ech sin d'accord.Kén Opfer scheien ech, keng Me'h, jo alles gin ech hin fir d'Caritas, dát héscht fir d'Le'ft.

Zesummen:O we' gro'ss ass eiser Herrgott als Lenker vun der Mönshét!

GESTALT:D'Vertrauen op den Herrgott, ass dát Hechst am Mönsheliewen! Dé gét zo' Schanen dén net op eiser Herrgott baur! Durch all Gefohr, durch Kreiz a Léd brengt d'Hoffnung dech zur Se'legkét.

R I D E A U
:~::~::~::~::~::~::~::

S c h l u s s b i l d

All Actrice sangen d'Schlusslidd (a bilden e sche'nen Ensemble) Mehodie: Gaudeamus: S.117 N°93

I

Eriwer ass Trauer an d'Léd dát huet
en Enn
Neit Liewen a Striewen, de' ze'en an
d'Hèrz eran,
O ge'f all Mönsh dach nemme sech et soen
Ass d'Liewen nach eso' schwe'er
Nô Rén könnt d'Sonn.

II

Nach nie go'f gehe'ert,
dass sech ömsoss geplôt,
E Mönsh, dén sein Hoffen
an Allem setzt op Gätt
Vill e'schter ge'f d'Welt
aus den Angele gon
Als dass net echt Vertrauen
ge'f Segen dron.

III

Duerfir dir le'f Mönshen,
oh losst iech dach son.
Vertraut op den Herrgott,
wa könnt eng schwe'er Stonn,
Verzweifelt nie,wär nach eso' gro'ss èr Plô,
Wann alles schengt verlueren,
ass Höllef dô.

R I D E A U
:~::~::~::~::~::~::~::

